

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 28. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un den Här Energieminister weiderzeleeden.

De Generalsekretär vum europäesche Mëllechindustrieverband - European Dairy Association (EDA) -, Alexander Anton, huet rezent iwwert d'Auswierkunge vum Krich an der Ukrain op déi europäesch Mëllechproduktioun geschwat. Deemno géif sech ofzeechnen, datt vill Molkereie wéinst der Deierecht vun den Energiepräisser a wéinst dem héije Präis vun der Rohmilch seriö Problemer hunn, fir nach kënne weider ze fonctionéieren. An der Belsch ass scho konkret eng Molkerei dowéinst faillite gaangen.

Weider heescht et vum Generalsekretär, datt een sech virun allem Suerge wéinst den héije Gaspräisser mécht. Déi weider Entwécklungen am Hibleck op déi europäesch Versuergung mat Gas si bis dato schwéier anzeschätzen. Et zeechent sech awer of, datt, wann d'Gaspräisser staark klammen, respektiv, wa verschidde Länner carrement vun der Gasversuergung ofgeschnidde ginn, datt d'Molkereibetribler an deem Fall just nach a ganz begrenztem Ëmfank fonctionéiere kënnen - wann iwwerhaapt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Regierung iwwert eventuell Problemer, mat deenen déi Lëtzebuenger Molkereien am Hibleck op d'Energie- a Gasversuergung konfrontéiert sinn, informéiert? Wa jo, wéi gesinn des Problemer konkret aus?
2. Wann d'Problematik iwwert d'Energiedeierecht an d'Versuergung mat Gas sech weider verschäerft, wéi gedenkt d'Regierung, de Lëtzebuenger Molkereibetribler ënnert d'Äerm ze gräifen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten